

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo iwwert dee virleiende Gesetz-projet of.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du seconde vote constitutionnel**

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Nico Loes), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Gusty Graas), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach (par M. Xavier Bettel).*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Lucien Lux), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké).*

*MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4668, eng Konventioun iwwert d'Offallentsuergung um Rhäin an op de Banne-gewässer.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Jung, d'Mme Delvaux, déi Häre Greisen, Gira a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

### **3. Projet de loi 4668 portant approbation et application de la Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure**

#### **Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports**

**M. John Schummer (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vun dësem Gesetzes-vorschlag ass d'Approbatoun an d'Applikatioun vun der "Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure". Ausgehandelt an ënnerschriwwen gouf dës Konventioun den 9. September 1996 vun Däitschland, der Belsch, Frankräich, Holland, der Schwäiz a vu Lëtzebuerg.

Et handelt sech ëm eng international Konventioun, a bedeelegt sinn all d'Länner wou de Rhäin a seng Zouleef duerchfléissen. Allerdéngs applizéieren déi meescht Länner d'Dispositiounen vun der Konventioun op alleguer hir national Waassereleef. Fir Lëtzebuerg applizéiert sech dës Konventioun haaptsächlech fir d'Navigatioun op der Musel.

D'Zilsatzung vun der Konventioun ass eng Verbesserung vum Ëmweltschutz an der Waasserqualitéit doduerch, datt d'Collecte, den Dépôt an d'Eliminatioun vun Offäll an Ofwässer, déi u Bord an duerch d'Exploitatioun vun de Schëffer gereegelt gëtt an de Finanzement duerch de Prinzip vum Pollueur-payeur assuréiert gëtt. D'Schëffahrt ass deen éischte Moya de transport, dee sech e prezise Regelkodex gëtt am Beräich vum Ëmweltschutz.

Well den Detail vun dësem Projet de loi an der Konventioun ganz prezis an de parlamentareschen Dokumenter beschriwwen ass a well Chrëschttag virun der Dier steet, wëll ech lech net duerch eng laangwiereg Opzielung a Widderhuelung vum Geschriwwenen allze laang ophalen. Ech beschränke mech dofir op dat Wesentlecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt tëschent dräi Kategorie vun Décheten ënnerscheed:

1. Déchets huileux et graisseux,
2. d'Décheten, déi entstinn duerch d'Cargaisoun,
3. aner Décheten, déi duerch d'Exploitatioun vum Schëff entstinn.

Fir all Kategorie gëtt et betreffend Bestëmmungen, wéi déi Offäll müssen entsuergt ginn.

Déi éischt Kategorie vun Offäll, also Réckstänn vun Ueleg a Schmierstoffer, déi duerch d'Exploitatioun entstinn,

mussen entweder a spezielle "stations de réception" oder a spezielle sou genannte "bateaux-déshuileurs" déposéiert ginn, wou dës Réckstänn dann entsuergt ginn.

D'Collecte vun den Déchets ménagers fonctionnéiert zu Lëtzebuerg bei de Schleise vu Gréiwemaacher a vu Stadbriedemes. D'Décheten, déi duerch den Entretien entstinn, ginn de Moment am Kader vun der Aktioun "Superdréckskëscht 2" entsuergt. D'Offäll, déi am Port de plaisance vu Schwéidsbeng ufalen, ginn och weiderhi vun de bestehende mobile Mëttel entsuergt.

Wat elo d'Receptioun an d'Entsuergung vun den Offäll an den Ofwäser, déi duerch d'Cargaisoun entstinn, ugeet, esou ginn déi am Mäerterter Hafe fir de Moment nach vun enger spezieller Entreprise entsuergt. Och wann hei d'Modalitéiten elo iwwerkuckt ginn à la lumière vun deenen neien Dispositiounen vun der Konventioun.

Här President, wat d'Receptioun vun den Décheten ugeet, esou gesäit d'Konventioun vir, datt dës an agrééierte fixen oder mobilen Installatiounen muss geschéien. Aus Grënn vun enger Rationaliséierung vun den Exploitatiounskäschte kann d'Receptioun awer och iwwer bestehend Stations d'avitaillement ofgewéckelt ginn. Well Lëtzebuerg awer net iwwer esou e Versuergungsstëtzpunkt verfügt, ass fir eis eng Ausnahm an der Konventioun festgehale ginn. Esou gëtt et zu Tréier an zu Metz eng entspreichend Installatioun an et navigéiert eng mobil Statioun tëschent Apach a Koblenz. Mir kënnen elo mat engem Partnerland aus der Europäescher Unioun en entspreichenden Accord négociéieren, wat et eis erméiglecht, keng eegen Entsuerungsstatioun ze installéieren, wat sech och aus Rentabilitéitsgrënn kaum géif rechnen loossen.

Wat elo de finanzielle Volet betrëfft, esou hält d'Konventioun e Prélèvement um Carburant an e System vu sou genannte "bons de valeur" fest, mat deenen an den Entsuerungsstatiounen ka bezuelt ginn. E System vun enger Péréquation financière internationale erlaabt et finalement, d'Fräen uniform tëschent de Partnerlänner opzedeelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt et mir an deene leschte puer Minutte gelongen ass, lech dëse Projet op eng verständlech Aart a Weis duerzeleeën, an ech wëllt der Chamber recommandéieren, et der Transport- a Wirtschaftskommissioun nozemaachen an dësen neie Gesetzestext unzehuelen.

Gläichzäiteg wëll ech am Numm vum mandatéierte Spriecher vun der DP-Fraktioun den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Ady Jung (CSV).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mam Projet de loi 4668 soll dat Ofkommen, wat den 9. September 1996 zu Stroossbuerg tëschent de Benelux-Länner, Däitschland, Frankräich an der Schwäiz getraff gouf, a Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn.

Wéi de Rapporteur John Schummer, deem ech fir säi gudden schréftlechen a mëndlechen Bericht félicitéieren, elo grad an allen Einzelheeten erkläert huet, handelt et sech hei ëm geziilt Moossnamen, déi d'Banneschëffahrt an deene virbenannte Länner betrëfft.

Et ass gewosst, datt d'Gewässer duerch eng Rei vun Ëmweltaflëss uerg a Matleedenschaft gezu goufen a ginn, an datt mer periodesch mat trauregen Noriichte vu Fëschstierwen ëmmer erëm op esou Mëssstänn higewise ginn.

Et drängt sech also förmlech op, datt mer all Beméiungen ënnerstëtze mussen, déi dorop hincillen, datt d'Flëss, sou och eis Musel, vun alle vermeidbare Verschmutzungen verschont bleiwen.

Duerfir begrësse mer als CSV dës Konventioun, déi dat virbenanntent Zil optimal verfolgegt an déi dobäi gläichzäiteg de Lëtzebuerger Gegebenheete Rechnung dréit.

En Deel vun den Obligatiounen kënnen hei zu Lëtzebuerg erfüllt ginn, bei anere mussen mer op grenziwwerschrëidend Hëllef zréckgräifen. Dat geschitt an deene Fäll, wou mir net iwwert déi erfuerdert administrativ Strukture verfügen, respektiv wou eis grouss Nopere méi Erfahrung op dëse Gebidder hunn.

Ob elo d'Entsuergung zu Land oder iwwer spezifesch Schëffer geschitt, wichteg ass, datt d'Objektiver vun dësem Gesetz erfüllt ginn, dat heescht, datt all Pollutioun, déi duerch d'Schëffahrt op de Flëss geschitt, verhënnert gëtt. Bei allem wat mat der Schëffahrt zesummenhängt an entsuergt gi muss, sief dat verbrauchten Ueleg oder Fetter, sief dat Offäll vun der Schëffsladung oder aneren Offäll, ass et wichteg, dass d'Entsuergung an enger kloer an däitlech festgeschriwwener Form muss geschéien.

Wichteg ass awer och, datt de Prinzip vum "pollueur-payeur" ugewannt gëtt, an datt déijéineg, déi sech net un d'Virschreften halen, gerichtlich verfolgegt kënnen ginn a mat ugemessene Strofe rechnen müssen.

D'Berufskammere vum Handel an dem Handwierk begrëssen de Projet, an dem Conseil d'Etat senge Virschléi gouf Rechnung gedroen.

Well dëse Projet also nëmme positiv Auswierkungen op eis Musel, d'Landwirtschaft an eis Ëmwelt wäert hunn, esou kann ech am Numm vun der CSV-Fraktioun matdeelen, datt mir eis Zoustëmmung dozou ginn!

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächst Riednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).**- Merci, Här President.

Déi Konventioun ass ganz technesch; souguer de Rapporteur huet sech net dru gewot, fir dem Plenum d'Technicitéit vun dëser Konventioun ze erklären. Ech wëllt dat och net maachen.

Mir begrëssen dës Konventioun aus dräi Ursachen:

1) Ech fannen et exemplaresch, dass sechs Länner sech zesummendi fir sech gemeinsam Regeln ze ginn, wéi se sollen den Dreck an der Banneschëffahrt entsuergen. Domat gëtt d'Schëff, wat jo een ekologescht Transportmëttel ass, sech nach méi Moyene fir dës Réputatioun ze halen.

2) Ech fannen et gutt, dass de Prinzip vum "pollueur-payeur" festgehale gëtt.

3) Ech fannen et wierklech exemplaresch, dass d'Ëmwelt net benotzt gëtt als Ursach fir sech géigesäiteg Konkurrenz oder keng Konkurrenz ze maachen, mä datt d'Länner sech eens gi sinn iwwer eng Péréquation financière, dat heescht et ass d'selwecht deier, egal a wéi engem Land dass ech entsuergen, an dat fannen ech exemplaresch an et wär ee Beispill fir aner Secteuren, déi esou ähnlech Konventiounen och kënnten ofschléissen.

Dofir bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dëser Konventioun.

**Des voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun eiser Fraktioun den Accord zu dësem Projet bréngen. Ech menge meng dräi Virriedner hu wierklech alles gesot wat een zu dësem Projet soe kann. Ech wëll hinne merci soen a mech gläichzäiteg hinnen uschléissen.

**M. le Président.**- Den Här Camille Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Här President, den Här Schummer huet eis elo sou kloer d'Waasser erausgeschott, sou dass ech och näischt weider méi ze soe brauch, wéi dass déi gréng Fraktioun selbstverständlech frou ass iwwert dës Konventioun a se och wäert stëmmen.

**M. le Président.**- Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, ech wëll hei just eng Saach relevéieren, déi mer e bësse komesch bei dëser Konventioun schéngt, dat ass déi, dass mir eng Institutioun aus dem Ausland oder aus den Nopeschlänner designéieren, déi sollt am Fong geholl eis representéieren an där Konventioun do, well offensichtlech Lëtzebuerg weder esou Statiounen huet fir den Offall opzehuelen, nach de Ravitaillement vun de Schëffer mécht. Op där anerer Säit awer hu mer d'Noutwendeg-

keet, fir dass eis Polizei eventuell Verstéiss géint déi Konventioun muss verfolgegen. Ech verstinn net gutt, wéi een dat eent mat deem anere kann zesumme kombinéieren, well eng auslännesch Nationalinstitutioun an dëser Konventioun fir Lëtzebuerg verantwortlech ass. Dat schéngt mer e bëssen ee Problem ze sinn.

Op där anerer Säit relevéieren ech aus dem Bericht vun der Kommissioun, wou steet, dass déi Lëtzebuerger Passagéierschëffer sech approvisionnéiere mat Masutt bei enger Firma vu Waasserbëlleg "au prix de base sans taxes et accises". Do verstinn ech och net richteg wuerfir do keng Taxen an Accisë bezuelt ginn, wa mer virun e puer Deeg, ech mengen et war gëschter, hei ee Gesetzesprojet gestëmmt hunn, wou op dem Masutt fir d'Banneschëffahrt eng TVA vu 15% erhuewe gëtt, wuerfir déi dann erhéicht gëtt vun dräi op 15%.

Déi Problemer opgeworf, wëll ech natierlech och mäin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Minister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, ech wollt just am Numm vum Transportminister merci soe fir der Chamber hir gutt Aarbecht an dësem Dossier. Ech schwätze vum Rapporteur, dem Här Schummer an der ganzer Kommissioun. Ech profitéiere vun der Geleeënheet, dem Rapporteur vum Projet de loi vu virdru merci ze soen. Ech hat den Här Meyers virdru beim Kannergeld vergiess ze ernimmen. Ech wëll dat also hei an deem Merci ausdrécklech nohuelen an ech si frou, datt och dëse Projet hei eng breet Zoustëmmung am Parlament fënnt. Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4668 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4668.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Marco Schank), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Ady Jung), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer, Théo Stendebach (par Mme Agny Durdu) et Xavier Bettel (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Marie-Josée Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par Mme Delvaux-Stehres) et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

#### 4. Projet de loi 4848 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2002 (Suite)

**M. le Président.-** Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 4848 iwwert de Budget vum Joer 2002 an d'Resolutiounen an d'Motiounen, déi während de Budgetsdebatten déposéiert goufen.

Mir maache fir d'éischt d'Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire a mir stëmmen doriwwer of. Ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass den Texte coordonné vum Budgetsprojekt un d'Deputéierte verdeelt gouf als Annexe vum Rapport complémentaire vun der Finanzkommissioun. E steet am Dokument 4848°. Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépenses als Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)**

Den Artikel 1 ass gelies. Mir stëmmen awer net driwwer of bis zum Schluss, well den Artikel 1 d'Gesamtergebnis vum Budget erëmgeet.

D'Artikelen 2 bis 43 gi gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert den Artikel 1 of, deen am Ufank virgedroe ginn ass. Hëlt d'Chamber den Artikel 1 un?

**(Assentiment)**

Den Artikel 1, an deem de Budget säin Néierschlag fënnt, ass ugeholl.

Mir maachen de Vote vum gesamte Projet de budget.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet 4848 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 34 Jo-Stëmme géint 26 ugeholl.

**Ont voté oui:** MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Ady Jung), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer).

**Ont voté non:** MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Er (par M. Lucien Lux), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zu de Motiounen, déi abruucht gi sinn.

**Motions**

Mir stëmmen iwwert d'Motioun 1 of, déi vum Här Jeannot Krecké abruucht ginn ass. D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här President, ech brauch am Numm vu menger Fraktioun net weider op den Detail vun där Motioun anzugehen, well mer an der Motioun dat ausdrécken, wat eis Riedner zum Budget gesot hunn. Ech entschëllege mech fir meng Stëmm, ech hu mech e bëssen erkaalt.